



**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten vum Minister fir Wunnensbau a Landesplanung a vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus op d'parlamentaresch Fro n° 598 vum 11 Abrëll 2024 vum Här Deputéierten Sven Clement betreffend d' « marchés publics pour les projets des promoteurs sociaux ».**

1. Wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Ufro erkläert, gesäit den Artikel 57 vum geännerte Gesetz vum 8. Abrëll 2018 iwwer d'ëffentlech Ausschreiwunge Bestëmmunge vir wéini sech d'Reegele vun de Marchés publics uwende fir Kontrakter vu privatrechtlechen Entitéiten déi vum Staat eng finanziell Subventioun kréien.

*« Le présent Livre s'applique à la passation :*

*a) de marchés de travaux subventionnés directement à plus de 50 pour cent par des pouvoirs adjudicateurs, dont la valeur estimée, hors TVA, est égale ou supérieure à la valeur prévue à l'article 13 de la directive 2014/24/UE du Parlement et du Conseil du 26 février 2014 sur la passation des marchés publics et abrogeant la directive 2004/18/CE et qui concernent l'une des activités suivantes :*

- i. des activités de génie civil figurant sur la liste de l'annexe II ;*
- ii. des travaux de construction relatifs aux hôpitaux, aux équipements sportifs, récréatifs et de loisirs, aux bâtiments scolaires et universitaires et aux bâtiments à usage administratif ;*

*b) de marchés de services subventionnés directement à plus de 50 pour cent par des pouvoirs adjudicateurs, dont la valeur estimée, hors TVA, est égale ou supérieure à la valeur prévue à l'article 13 de cette directive, et qui sont liés à un marché de travaux visé au point a).*

*Les pouvoirs adjudicateurs qui fournissent les subventions visées à l'alinéa 1er, points a) et b), veillent au respect des dispositions du présent Livre lorsqu'ils n'attribuent pas eux-mêmes les marchés subventionnés. Ils sont tenus de respecter le présent Livre lorsqu'ils passent eux-mêmes ces marchés au nom et pour le compte d'autres entités.*

*Les valeurs prévues à l'alinéa 1er sont modifiées conformément à l'article 52. »*

Des Reegele gëllen allgemeng fir all privatrechtlech Entitéiten déi staatlech Subventiounen kréie vu méi ewéi 50 % fir e spezifesche Projet. D'Déifbauaarbechten a Servicer déi se selwer am Kader vun hire Projeten ausféiere loossen mussen an deem Fall ëffentlech ausgeschriwwen gin. Et handelt sech hei em eng Transpositioun vum Artikel 13 vun der europäescher Direktiv iwwer d' d'ëffentlech Ausschreiwunge. (directive 2014/24/UE du parlement européen et du Conseil du 26 février 2014 sur la passation des marchés publics et abrogeant la directive 2004/18/CE).

Des Reegele sinn also allgemeng gültig, egal wéi e Ministère d'Subventiounen gëtt.



Vu que dat Reegele kloer sinn ass am Moment net ugeduecht fir eng allgemeng Circulaire zu deem Sujet ze publizéieren. Et kann all Ministère dee Subventiounen gëtt sëlwer appreciéieren op et eventuell ubruecht ass, a sengem spezifesche Beräich des Reegelen duerch Circulaire ze rappeléieren.

De Volet "ëffentlech Ausschreiwunge" mat der Referenz op den Artikel 57 vum geännerte Gesetz vum 8. Abrëll 2018 iwwer d'ëffentlech Ausschreiwunge vun der Circulaire 4/2024 ass deemno allgemeng gültig.

Lëtzebuerg, den 11. Mee 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes